



D'GAMELLE



E Bliedchen vun de
Luerenzweiler Guiden a Scouten

Redaktiounsuschrëft

GAMELLE GmbH & Co. KG
71A, route de Luxembourg
7373 Luerenzweiler
GSM : 691 30 97 37
em@il : gamelle@lgslorenzweiler.lu

Chefredakter

LINCKELS Sven



Redaktioun

Wellefcher
Avex
Carapio
Raro
Cheffen vun sämtlechen Branchen

Oplo

120 Stéck

Nummer

N° 17 erauskomm de 25. November 2006

Wat as dran?

SÄIT

- 1 Cover
- 2 Impressum & Inhalt
- 3 Virwuert
- 4 - 6 Wichteg Adressen
- 7 - 8 Wellefcher
- 9 - 11 Avex
- 12 - 18 Carapio
- 19 - 24 Raro
- 25 1. Mee
- 26 - 27 Beschass
- 28 Memberlëscht 2005/2006

*Wien Fehler fënnt, dierf se haalen oder
beim Recycling-Center bei him an der
Géingend ofgin.*

E puer Wuert vum ...

Gruppechef

Léiwe K(G)amellelieser- an iesser,

Mir hun alt nés en erliewnisraicht Scoutsjoer hannert eis mat all eisen üblechen Aktivitéiten, wéi de Monteesweekend, den Elterenowend, de Krëschtmaart, d'Buergbrennen, d'Ouschteréeraktioun an natierlech eis Weekender a Sortiën.

An der Ouschterevakanz hun, am Kader vum Projet Odyssee 2006 vun eise Scoutverband, sechs Leit aus dem Luerenzweiler Grupp un Entwécklungsprojet'en deelgeholl, an zwar war d'Mireille mat an de Vietnam, an de Pol, d'Tessy, de Roby, den Ander an de Jemp waren mat an Haïti. Bei sou engem Projet mussen d'Rees- an



d'Openthaltskäschtchen vu jidderengem selwer gedroen ginn. En decke Merci fir hirt Engagement.

Den Highlight vum Joer ass natierlech de Camp am Summer: Eis Wellef hun zesummen mat deene Rodanger Wellef eng

Woch um Kuelbecherhaff bei Huelmes verbruecht. D'AvEx waren zu Schous op engem nationalen Camp, den "Tupelay", zesummen mat 800 aneren Scouten. An eis CaraPio hun 11 Deeg laang ennert der korsikanescher Sonn gelidden.

D'Resonanz vun de Camp'en war ganz gudd an wärt en bléiwenden Androck bei eise Kanner hannerloossen.

E grouse Merci awer och nés wéi emmer un all eis Chefen, déi bénévol an motivéiert Aarbecht leeschten während dem ganze Joer. E Merci un eis Kanner, daat se eis erdroen, e Merci un eis Elteren fir hirt Vertrauen, e Merci un d'Chantal Everad, eis Kessièr, an en décke Merci un all déi aner Leit, déi eis an iechent enger Art a Weis ennerstetzen.

De läschte Merci geet un eisen Aumonier, de Pit Reuter fir sain Asatz a seng Ennerstetzung fir eise Grupp.

Daat hei ass déi läschte Kéier, daat ech en Virwuert fir eis Gamelle schréiwen, well meng Funktioun als Gruppechef leeft am März 2007 of. Well ech no 12 Joer der Meenung sinn, daat frescht Bludd déi Geschécker iwerhuelen sollen, wärt ech meng Charge net méi ernéieren. Mir hun och eng Nofolgerin fonnt, an zwar ass daat eng Gruppechef**TAINE**; D'Carole Ney iwerhelt dës Charge, an get vum Ander Schroeder an dem Sven Linckels assistéiert.

Ech wenschen hinnen drai vill Erfolleg a vill Courage fir hir Charge déi nächst 20 Joer : ze bewältegen.

Jemp

Wichtig Adressen

BIBER



Responsabel

BIDOLI Renée
8, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 79 69
GSM : 621 784 250



BRÜCK Mich
36, rue Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 83 82
GSM : 691 801 737



KRECKÉ Elisabeth
18, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 81 38
GSM : 621 768 176



MAYER Catherine
9, rue du Knapp
7460 Prettingen
TEL : 32 92 93
GSM : 661 291 184



SCHOSSELER Sven
40, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 92 42
GSM : 691 631 012



GALLELLI Jill
19, rte d'Arlon
8395 Septfontaines

WELLEFCHER



Responsabel

WEBER Men
140, rte de Luxembourg
7241 Bereldange
TEL : 44 94 47
GSM : 621 135 159



BICHLER Fanny
23, rue des Noyers
7303 STEINSEL
TEL : 33 73 08
GSM : 621 214 989



BRÜCK Pol
36, rue Principale
7450 Lintgen
TEL : 32 83 82
GSM : 661 785 848



DOSTERT Misch
11, rue du Cimetière
7396 Hunsdorf
TEL : 33 28 92
GSM : 621 421 805



FEVE Patricia (Butz)
10A, rue des Jardins
5376 Uebersyren



FOURNELLE Germain
8, rue Belle-Vue
7350 Lorentzweiler
TEL : 33 81 70
GSM : 621 758 116



SCHINTGEN Pol
Asselscheuerhof
7392 Asselscheuer
TEL : 33 05 34
GSM : 621 281 145

AVEX



Responsabel

MOLITOR Ben
15, rue de Mersch
7432 Gosseldange
GSM : 621 303 431



BECK Jemp
68, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 60 84
GSM : 621 750 159



BISENIUS Ben
2, rue Bëll
7432 Gosseldange
TEL : 32 67 08
GSM : 691 620 377



MOLITOR Anne
149, route de Luxembourg
7374 Helmdange
TEL : 33 73 88
GSM : 661 753 818



MULLER Ernestine
B.P. 19
7205 Lorentzweiler



RINNEN Tammy
15, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 84 04
GSM : 621 407 024

CARAPIO



Responsabel

LINCKELS Sven
71A, rte de Luxembourg
7373 Lorentzweiler
TEL : 26 33 20 62
GSM : 691 309 737



BOURMER Fränk
46, rue de Reckange
7788 Bissen
GSM : 621 130 464



NEY Carole
6A, rue de Fischbach
7391 Blaschette
TEL : 26 33 42 40
GSM : 691 339 812



PANETTA Nico
28, rue Kreizert
7453 Lintgen
TEL : 32 95 42
GSM : 621 253 953



SCHROEDER Ander
4, rue Paul Eyschen
7317 Steinsel
TEL : 33 03 32
GSM : 661 730 814



RARO



Responsabel

PEUSCH Mireille
10A, rue des Jardins
5376 Uebersyren
TEL : 26 701 777
GSM : 661 791 115



HÖFLIGER Tessy
173, cité Roger Schmitz
7381 Bofferdange
TEL : 33 98 74
GSM : 661 393 494

5. BRANCHE



Responsabel

WEBER Men
140, rte de Luxembourg
7241 Bereldange
TEL : 44 94 47
GSM : 621 135 159

DEN LGS SHOP ...

... as ze fannen :

an der Stad am Convict
Bloc G um 1. Stack
5, avenue Marie-Thérèse

... as op :

Dönschdes : 15:00 bis 18:00 Auer
Donneschdes : 15:00 bis 19:00 Auer
Samschdes : 09:00 bis 12:00 Auer
Während de Schoulvakanzen as de Shop zou !

... as ze ereechen :

ënner dem TEL : 44 7 43 313
oder per EMAIL : shop@lgs.lu

GRUPPECHEF



BECK Jemp
68, rue de Mersch
7432 Gosseldange
TEL : 32 60 84
GSM : 621 750 159

GRUPPECHEF ADJOINTE



NEY Carole
6A, rue de Fischbach
7391 Blaschette
TEL : 26 33 42 40
GSM : 691 339 812

KEESSIERE



EVERAD Chantal
3, rue de Blaschette
7373 Lorentzweiler
TEL : 32 65 75
GSM : 621 144 951

AUMONIER



REUTER Pit
15, rue du Cimetière
7444 Lintgen
TEL : 32 03 50
GSM : 621 137 522

FOYER



FOYER ST. LAURENT
23, rue St. Laurent
7370 Lorentzweiler
TEL : 33 07 08



D'Wellefcher mat de Rodanger um Kuelbecherhaff

Eisen Camp stung ennert dem Motto Zeitmaschine!

All Owend sin eis Wellefcher an t'Zeitmaschine geklommen fier nom fehlenden Steck ze sichen, fier rem an eis Zeit ze kommen. Mat der Zeitmaschine hun eis begleet, den Captain White Shirt an den Captain Blue Shirt.

Zeitmaschine wor all Owend mat engem aneren Thema dekoreiert wou sie hun missen eroden an an wei enger Zeit mer unkommt sin.

Do haate mer de Welle Westen, d'Zukunft, d'Jungsteinzeit an Mettelalter.

WELLE WESTEN

Am Welle Westen hun mer een Rally gemat wou eis Wellef an Gruppe lass-gescheckt gin sin fier verschidden Aufgaben ze leisen. Sie hun missen Verhalensspiller machen wou se puer Minuten Zeit haaten sech 10 Saachen ze mierken an se dono obschreiwien!

Geint den Schnitgen hun se missen an enger Partie Poker gewannen: Nodeems weivill Leit sech am Besch verlaaf haaten an awer den Wee font hun, hun eis Wellefcher no der Obreegung mis-

sen iwert eng Aafebreck kloteren an mat enger Seelbunn fueren an nach puer aner kleng Spiller:

ZUKUNFT

An der Zukunft hun mer eisen Wellefcher een kleng gespilt:

Mer hun se mat blo, roud an grengt Brout geschockt wat mat harmloser Liewensmettelfaarf gefierft wor. Do woren ganz vill Wellecher alt net sou begeeschtert. Mettes gouf et dann och nach gefierftenen Puree, deen eis an der Zukunft vill Energie soll gin.

Een Gänsepill mat Froen iwert Astronauten kombineiert mat Spiller stung deen Dach och um Plang: Well mer sou Chance mam Wieder haaten hun mer eis



Wellefcher angepack an sin mat hinnen an Reidener Schwemm gefuer wou se konnten ob Rutschbahn, ant Wellen goen, sech an Sonn leen an probeieren den Mich an den Schnitgen ze zappen wat am End effekt kengem gelungen ass. Smile

Owes gouf et dun eng super lecker Pizzaa gemeet! An eng Pizza hun mer an eisem super flotten Pizzauewen gemat dei eis Cheffen den eischen Dach gebaut hun.

METTELALTER

Am Mettelalter hun eis Wellefcher an 2 Atelier hieren eegene Bou an hier Pfeiler gebaut, wou se dann konnten geint anerer untrieden, andems se an eng Bott aus Strei geschoss hun. Den aneren Atelier huet mat hinnen eng Ritterrüstung gebaut:

Den Highlight fier d'Wellef deen Dach wor eis riesen Wasserschlacht dei mir gemat hun: Eis Ziel wor alleguerten eis Cheffen nass zemachen wat eis awer net ganz gelungen ass!

En plus hun mer Owes enner freiem Himmel beim Feier geschlof.

JUNGSTEINZEIT

Mir sin bis ob Luerenzweiler bei den Neolitikum gefuer wou den Blue Mammut kommt ass an eis bessi iwert Jugsteinzeit



geschwat huet!

Mer kruten gewisen wei se freier Feier gemat hun wat am Endeffekt absolut guer net sou einfach ass. Eng Gemeisszopp hun mer och ob dei aal Art an Weis gekacht ouni Messer an Deppen etc. Mier hun Lavasteng an Feier geluecht fier dat se sech obhetzen. Paralell hun mer een Lach gegruewen wou mer dun en Folie geluecht wou een konnt gemeiss, Wasser an Lavasteng dran maachen"

Den Blue Mammut huet eisen Wellefcher erklärt wei se freier Mammuten gejoot hun an sie konnten dei verschiden Methoden ausprobieren.

Zum Schluss hun mer eis Wellefcher gefrot wat hinnen am Beschten gefall huet an do koum dobei eraus. Ennert freiem Himmel schlofen, Pizzauewen, Wasserschlacht, Spiller am Besch maan....

Wat hinnen net sou gefall huet wor souweit ech wees just dat faarwegt lessen.

Den Klatsch an Tratsch vum Camp: Eisen Gilles hat deck Succes bei den Rodanger an him sin 3 Fraleit nogelaaf: Wor zimlech amusant.

Avexweekend

de 14. an de 15.
Januar 2006

Thema: Türkei

Um 14.00 Auer si mer vun der Lentgner Gare bis op Weicherdang an de Chalet gefuer.

Wei mer ukomm sin wor scho nees daat ublecht; jidereen wollt en Bett uewen hun.

Wei mer eis dun agericht haaten ass et direkt lass mat engem Quiz gaangen.

No enger grousser Opreegung wien gewanne geiff kruute mer dun eppes ze buffen.

Schlussendlech haaten mer dun nach den Film Erkan und Stefan gekuckt.

Dun kruuten mer gesoot mir missten schloofen goen.

Den Daag drop hu mer e Rallye gemach wou verschidden Aktiviteiten beinhalt woren.

Dono hu mer all e Praiss kritt. En Ticket vir an de Kino.

Owes vir heem ze fueren hu verschidder dierften mam Tim senger cooler Camionette fueren.

Avexsortie

de 25. Juni 2006

Thema: Een Dâag um Stauséi

Deen Dâag war et mega warm! Mir hun misen voll deen laangen, unstrengenden Wee goen! Op dem mer eis och eng keier verlaaf hun! Wie mier dun schlussendlech awer richtig ukomm waren, hun mier missen mat engem Boot op die aaner Sait vum Stau pad-delen. An d' Wasser ass bal an d' Boot gelaaf...

Dono konnten mier dun endlech schwammen goen. Mee souvill Chance wie mier dun deen Dâag eben haaten, huet et dun schon ugefaangen ze reenen. An en Donnerwieder huet och net mei laang op sech waarden geloos an mier hun vun der Police gesoot kritt mir missten den Stau ver-loossen. 2 Cheffen sin dun mat der Police matgefuer vir d'Camionette sichen ze goen, an mier hun dierften am Bulli en Steck zereck goen. Dono war dun rem alles posi-tiv, mir kruuten en gudden waarmen Schocki spendeiert. Me et war awer en flotten Dâag.





Nationalen Avexcamp vum 19. bis den 29. Juli 2006

Endlech wor et sou weit! Mir sin op den Tupelay gaang!

Jiidferen as mam schweiren Rucksak aus dem Bus geklomm an huet die rieseg Plaatz an grouss Agangspart vum Tupelay bewonnt! Den eischen Daag hu mir nei immens vill gema ausser opriichten a bewonneren. Um Camp waren drei Sous-Campen: Retaghadi, www.carpe-diem.avex (eisen Sous-Camp) an den Bimiap.

Wat sou vill heescht wie Freier, Haut an Muer!

Den Campchef wor den Luss Brosius. Um zweeten Daag sin dun och d'Chargen festgeluet gin an jidereen kruit eng Kaap, e Campbuch an een T-Shirt vum Sous-Camp Carpe-Diem. Dun ass et rem lass gaangen mam Programm. Moies opriichten, Mettes verschidden Kenneleierspiller



an Owes eng cool Ouvertürsveillée. Bei der Ouvertürsveillée huet zum Schluss jidereen (732 Leit) d'Lidd vum Tupelay gesongen.

Ausserdeem kruit an der Ouvertürsveillée och erklärt wie daat alles sou oofleef um Tupelay. Mir haaten sugger Breifkeschten vir die eenzel Truppen. Um dretten Daag wor den Programm folgendermoossen: Moies a Mettes Tupelay Trophy an Owes Sous-Camp Veillée. Tupelay Trophy ass su eppes wou een lauter Spiller gema huet, vun Knuet bis Molen an et kruit een jeweils pro Spill Punkten. Eng SousCampveillée ass logescherweis eng Veillé vun eise Sous-camp.

Truppendaag: Mir waren Kajak fueren an dunn sin mer an't Waasser geplumst..(Lena) zu puer waren mer dun





schon fier gefuer, well mer eisen Kajak net gudd gebremst kruuten, wou den Jempi net sou frou driwwer war. An der halschent vum Wee, hun mier en pick-nick gemaach. D'Fanny an d'Carole S. waren zwar op emool emgekippt, mam ganzen Boot, mee zu puer kruuten mer awer dun den Kajak deen mat Waasser gefellt war erem emgedreint. Hieren Saachen war glecklecherweis och naicht geschitt, ausser dass mer se reicht bessi mei wait op der Streck eremfonnt hun. Dem Jeff an dem Fränz war daat selwecht geschitt, just net grad sou schlemm. Dun kuerz dono sin mer zereck op d Campplaaz gefuer. Am groussen ganzen war deen Daag GENIAL!!!

Hike: Also den Hike ass op eiser Campplaaz fortgaangen, d'Thema war Vergaangenheet-Zukenft. Op verschiddenen Wéer sin mer dun puer Kilometer (10-



15) duerch d'Geigend getreppelt. Baal all Equipe haat sech op manst een mol verlaaf. D'Wieder war MEGA WAARM, einfach nemmen krass. Den Rucksack war einfach ze schwéier an dofier hun mer geschwee?t wie die mell. D'Schloofplaazen waren op 4 verschiddenen Plaazen. Dun hunn mer nach am Besch eppes z'iessen kritt. Schlussendlech waren mer frou wie mer konnten schloofen. Deen aaneren Dâag ass et dun rem lassgaagen fir zereck op d'Campplaaz.

QUIZ

Wien sinn déi 2 Persounen hei?





17. Juli

Eisen scheine Camp huet um Houwald ugefangen, vun wou mir dunn mam Bus op Hahn gefuer sin. No enger Eiwegkeet waaren mir dun endlech am Fliiger fir op Pisa. Nodeems d'Stuardessen endlech hier Securityshow färdeg haaten, ass et dun mol richtig lass gaangen. Wei mir dun aus der Diir vum Fliiger zu Pisa rausgekommen sin, kouw eis schon eng SAUNA entgeint. Vum Flughafen sin mir dun mam Train op d'Gare vun Pisa gefuer. Zu Pisa sin mir dun weider op Livorno getuckert. Op der Schicki-Micki-Gare (Antik) ??? hun mir dun op den Nico an de Fränk gewaard, dei mat der Camionette ennerwée waaren. D'Zait ass alt am Beschten emgaang andeems een e besseren Strummert gespilt huet an an engem Eck do um Buedem gepennt huet. (ech schwetzen aus eegener Erfahrung). Wei dei Zweek dun do waren ass et mat der Camionette op een Camping gaang. Dunn ass et och schon lass gaang mat deem scheinen Lidd "Do you love meeeeeee?" vun Kiss. Dohannen hun mir dun mol d'Zelt opgeriicht an als gudd Scouten hum mir natiirlech keen anstännegen Hummer dobai an gin een bei den Nopper sichen. Owes, wei keint et och schons anneschters an Bella Italia sin, goufen et Spagettien. Op emol kruten mir nach Besuch vun 2 Engländer dei hir Saachen verweist hun well eis cher Hären

hir Sachen mat gespult an och mat op eis Campplaatz bruecht hun. Kann jo mol virkommen. Natiirlech waaren mir och nach e besseren am Mier an schlussendlech hun mir dun bei 200 Grad geschlof.

Lisa

18. Juli

Moies sin mir schon um FENEF (05.00) Auer opgestaan fir mat der Fähre op Korsika ze fueren. No 500 italieneschen Schelder an enger halwer Eiwegkeet méi speit, sin mir dun am Haafen ukomm. Um Scheff selwer hun mir eis dun dei 4 Stonnen laang domat amüseiert, Liegestill um Deck ze ergatteren. No deser Brutzeltour koumen mir dun endlech op der Insel zu Bastia un... waarm, drehen, Palmen... . Dun gouf mol giess an d'Chefen hun eis direkt emol d'Panz gerappt (Mir haaten den Deckel vergiis zouzemaachen an esou war dei ganz Killtäsch voll mat Gebees). Dunn wollte mir nach dei saudeier Ticketen fir den Bus kaafen goen. Den Mann am Guichet huet eis zimlech domm gekuckt, well mir net wossten dass een des Ticketen muss am Bus kaafen. Dun sin mir nach eppes drenken gaang bis den Bus do war. D'Julie huet sech alt een "Pussyritz" (sans alcohol) bestallt. No der Erfrechung sin mir dun an enger SAUNA op 4 Rieder, 2 Stonnen duerch eng nach mei grouss an

drechen SAUNA gefuer, daat ganzt an engem meeeegggaaaaaaaen Tempo. Irgendwann waren mir dun zu Calvi, an eis Erleischung war dun direkt hannert eisem Bus: de Fränk mat der Camionette. No e puer krassen Stroosen an e puer krassen Hiwwelen, wou e puer ausgebrannten Voituren louchen, sin mir dun op eisem Camping mat Vue sur mer ukomm an hun opgeriicht.

Lisa

19. Juli

No enger klenger Verspeidung hun mir emol Kaffi gedronk. Nom "schwule Kaffi" hun mir nach eis Schwammsachen gepaakt an sin an eis wonnerschein Camionette geklomm fir weider Abenteuer op deenen daach esou "riichten a breeden Strossen" vun der Corse ze machen. Eist Ziel waren d'Schluchten vum Floss Fango. Kloert Waaser huet drop gewaart dat mir dran sprangen. No engem klengen Schwammtour duerch den Floss wou mir den Fango erkundet hun (de Fränk huet eist Mettegiesen fonnt: een Aal) waren mir esou courageux dat mir ouni ze zecken een Fiels erouf gesprongen sin. De Fränk huet den Ufank gemaach an dunn konnten mir eis net mei haalen. Nodeems den Charlie an de Nico am d'Waaser plongeiert sin (den Charel huet wonnerschein Fotoen gemacht) sin d'Julie an de Charel och an d'Waaser gesprongen. Jo dun stongen mir, Max, Christoph, Lisa an ech um Fiels a kucken dat scheint Waaser vun uwen. Zimlech laang stoungen mir do. Dei anner sin do zweschen erof gesprongen an hun topesch Spreech an d'Schluchten gebirelt wei zum Beispill: schwullen Kaffi, wirwat hun sie eis net mei Suen matgin, Gebées, Bonzai,...

Zum Schluss sin mir dann dach gesprongen. Nodeems meng Nues opgehaalen huet mat bludden (d'Wasser huet elo e

puer Blutkierpecher mei) hun mir eis eng gudd Omlett gemacht. (gell du Max) Kloer war dat mir eis net laang un Land opgehaalen hun. Also waren mir erem am kloeren Waaser an hun eis amüseiert.

Den Nico an de Fränk wollten onbedingt mei heich erof sprangen. Also sin sie een Fiels vun 8 Meter erof geklomm. De Nico ass dann och gesprongen. Mée eisen Fränk huet demi-tour gemaach an ass iwert Breck gaang. Do hun d'Fransousen jo net tatsächlech geduecht, hien weilt vun do erof sprangen. Sie soten: "Il est fou, ..." Dono wollten sie him esou guer 50 Euro ginn wann hien sprengt. (Dei Suen hätten mir gudd gebrauchen kennen, mé née, de Fränk wollt awer net dei Breck vun 12 Meter erof sprangen. Kloertext: de Fränk ass net gesprongen)

Esou lues gouf et mei speit an mir sin nees zreck gefuer. Nom lesen haaten mir eng Eröffnungsveillée. De Fränk huet de "Männchen aus dem Peugeot, deen an



der Pampa leit" mat op Veillée bruecht fir eis e puer Geschichten iwert Corse ze erzielen. (Et war den Nico alias ???) No lustegen Spiller an engem historieschen Sketch mam Hitler an der Eisebunn während dem 2. Weltkrieg an der Corse, hun mir nach dei schein Stären gekuckt. Midd sin mir dunn all schlofen gaangen.

Jil

20. Juli

Endlech war den Dag vum HIKE (deen keen war) do. Op een sech elo drop gefreet huet oder dem Dag mat Schrecken entgeigengefeiwert huet, mir waren op jid-defalls beschäftigt an och duerno gudd midd. Mir waren desen Dag um 07.20 opgestaan fir um 08.10 um Camping fortzefueren. Mir hun zimlech laang an der Camionette gesiess. Mir treppelen oder besser gesot klammen den Wée erop deen op den GR20 soll feiern. De GR20 gett als immens schweier agestuft, zitt



sech normalerweise iwer 3 Wochen an ass nemmen mat immens vill Training a Konditioun ze bewältegen. Eis kleng Wanderung soll Schwieregkeetsgrad "facile" hun. Mé bon. Egal wei gei et de Bierg erop gangen ass, oder weivill wackeleg Steng och emmer am Wee lounen, mir hun et gepakt. Mir hun emmer erem kleng Pausen gemaach, well et war immens "HOT" in the forest. Wei mir dunn schlussendlech uewen ukomm sin bei déer fameiser Bréeck, dei mir awer net ganz geheier war, konnten mir dann emmer zu 2 an 2 driwer goen. Zum Schluss vum Wée missten mir eng schief Fielswand iwerqueieren, wou eng kleng Baach Waaser gelaaf ass. Do ass de Charel dunn ausgerutscht an mega gefall.

Et wor nawell ganz knapp gin. Hien hätt och keinten ganz erof plumpsen. Mir haaten nach eng Keier Chance. Fir de Bierg erof ass et dunn erem genau esou gei erof gaangen, wei ert virdrun erop gaangen ass. Dono waren mir nach een Patt drenken. Ech geif soen, ech wieder-schwätzen kengem wann ech soen datt mir alleguer ganz vill midd waren an prett waren fir an d'Heia.

Christophe

21. Juli

Um halwer 9 sin mir opgestaan, an zwar net ze gleewen, vum selwen. (An de Charel B. huet gemengt, hien misst verschidden anerer, déi nach geschlummert hun, och erwäschen)

E weineg méi spéit hun mir Morgen-essen-gegessen, Kellogg's & French Baguette. Duerno gespult an kleng Rucksack gepaakt. Dunn ass et lass gaangen a Richtung Calvi. Do nach seier akaafe gaangen an weider op den Strand fir eng Waaserolympiad ze maachen. Wéi mir alles installeiert haaten, hun mir gemierkt, datt et awer e besseren vill Wand war fir ennert aanerem Volleyball ze spillen, ... esou guer fir mat der "Banane" ze fueren waren ze vill Wellen do. Also hun mir eis am Mier amüseiert an deels an der Sonn gebrutzelt.

Geint 6 Auer hun mir alles zesummen gepaakt a sin eist Owesiesen kaafen gaangen. No engem laangen Wée an vill Salz a Sand "iwerall" waren mir all relativ midd.

D'Kachéquipe huet sech un d'Kaache gemaach an aanerem hu sech an der Dusch entsalzt.

Den "Poulet aux champignons et aux légumes" mat Nuddelen huet geschmacht. Dono war chillen ugesot.

Julie

22. Juli

Wei mir endlech opgestaan waren, Kaffi gedronk an alles gespullt haaten, war et 10 Auer. Dunn hun mir mat der "Chasse au Trésor" ugefaangen, déi op 3 verschidde-nen Plaatzen statt fonnt huet. Op der Campingsplaat, bei der Kapell iwert den "poupelles à ciel ouvert" an zu Calvi. Dei lāscht Buschtawen waren an der Citadelle vun Calvi verstoppt, wou mir e puer Problemer haaten fir déi ze fannen. Nodeems mir alles fond haaten, hun mir de Leistungssatz zesummen gelued: "Bong fir eng Kanufahrt um Fango". Dun sin mir alleguer zesummen buffen gaan-gen. Nom lesen haaten mir Fraizait fir shoppen ze goen. Zum Schluss huet den Charel Tatooen kaaft. Mir hun eis zu e puer Tatooen op de lenksen Aarm gemaach. Well mir nach een zevill haaten krutt de Fränk deen op d'Broscht geklaakt. Nom Akaafen goen, sin mir zreck op d'Campingsplaat gefuer. Owes hun mir een "corsechen Owend" gefeiert, wou et och Spécialitéiten vun hei op eisem scheinen Buffet ziesse gouf. Déi, déi woll-ten, konnten och den Cap Corse schmachen, een legendären Apéritif aus der Corse. Owes hun mir nach Petang gespillt a schein gemittlech d'Stären gekuckt. An dun war den Daach och schons erem eriwer.

Anne

23. Juli

Mir sin moies zimmlech frei opgestaan an hun missten schnell maachen. Mir haaten nämlech rendez-vous fir Kajak fueren ze goen. Mir hun moies naischt extraes giess an sin dunn fréi fort komm. Mir hun laang gesicht fir del Plaat bei der "Tour génoise" ze fannen. Et war am Delta wou de Floss Fango an d'Mier mündet. Mir hun eis dunn zu 2 an 2 e Boot geholl an hun eis



op d'Erkundung vum Floss Fango gemaach deen ennert Naturschutz steet. Fir d'eischt sot den Monsieur mir sollten ganz lues fueren a keen Kameidi machen... Wei mir dun an der Halschend waren no enger ½ Stonn, soot hien mir missten mei seier machen, well soss missten mir nobezuelen. Dun war hien net mei esou frendlech. Ennerwée hun mir kleng Schildkröten gesinn, komesch Inten an soss nach aaner Déieren.

No eiser Bootstour sin mir fir d'Mettegiesen op eis super Plaat an Schluchten zreck gaangen. Do ass et immens schein, kloert Waaser, ronn Fielsen,.. Einfach immens. Do hun mir eis erem gudd amüseiert a fir Metteg gies. Et goufen d'Reschter vun eisem Buffet an Zopp.

Dono sin mir erem schwammen gangen. Am Nometten hun d'Carapio, déi hiirt Versprechen wollten machen machen, een Text prepareiert.

Owes hun mir Ravioli gies.

Dono, wei dei aaner Leit all fort waren, hun mir all ons Uniform ugedoen an hun eis virun deer super Kuliss vun de Schluchten opgestallt. Een nom anneren huet sain Versprechenstext virgelies an huet dobai mat der Hand ugeschloen. D'Chefen hun eis d'Vesprichen ofgehol. Dono soutzen mir nach e weineg zesummen an hun lues awer secher ons Sachen zesummen ger-aumt an hun eis op de Wee heem op

d'Campingsplaatz gemeet.
Daat war een scheinen Dag.

???

24. Juli

Den Dag huet "gudd" ugefaang: Moies 5 Auer opgestoen, direkt get d'Carrymat an de Schlofsaak gepaakt an sech huerteg ugedoen fir dann um 05.45 fortzefueren. Daat ganzt ass neideg, well sech deen Bus keng anner Zait afaalen loosene konnt, wei um 06.45 fortzefueren. Nodeems mir dunn no enger keierreicher Fahrt endlech zu Calvi ukomm sin, sin mir, ouni eppes am Mo ze hun mam Bus lassgefuer. Mir hun am Bus dunn emol Kaffi gedronk. Während meng leif Matscouten hiren verpassten Schlof nogeholl hun (waat ech duerch e puer Onbequemlechkeeten net konnt), ass de Bus op dei aaner Sait vun der Insel gefuer. Endlech zu Bastia ukomm (dei zweetgreist Stadt vun Korsika), konnt mir och schon eisen wonnerbaren Fotorallye ufänken. (et gesait och guer net domm aus, wann een virun der Kierch eng Pyramid mecht, als Jong an engem Kleederbutik Jüpen uprobeiert, ...) E puer dämlech Fotoen mei speit (z.B alleguerten op der Wiss vun engem Rond-point openeen leien) hun mir emol een Café onsecher gemaach. Nodeems de Mo voll war, hun mir dun eng Zaitchen op eis Chauffeuren gewaard.



(Sie hun d'Zelter ofgerappt, alles ageraumt an hun dunn mat der Camionette um Cap Corse een neien Camping gesicht.) Et ass ons dunn awer langweileg gin a mir hun eis an d'Aalstaadt verzunn. Nodeems mir déi Haiser em den aalen Haafen bestaunt hun, hun mir eis gefrot, wei dei et färdeg bringen net zesummen ze faalen. (Déi meeschten Héiser stin sait mindestens 600 Joer do a si gesinn och esou aus.) Mir hun fonnt daat et Zait get fir zreck op den Treffpunkt ze goen. Do sin mir dun vun de Cheffen ofgeholl gin an sie hun eis op ons nei Campplaatz gefouert, déi definitiv net schlecht war. Do ukomm, hun mir ons Zelter opgeriicht an hun eis dono emol eng Paus gegennt. (Mat anneren Wieder, mir sin op d'Mier gaangen)

Charel

25. Juli

Esou geint 8 Auer ass een no deem Aaneren aus dem Zelt gefall komm. Geint 9 Auer hun mir dun Kaffi gedronk an um 09.45 ass et dunn lass gaangen mat der Camionette.

An zwar hun mir een klengen japsen Tour iwert de Cap Corse gemaach, daat heescht un sech, mir sin bei all schein Plaatz respektiv Duerf erausgeklommen fir Fotoen ze maachen an fir Saachen ze kaafen. Mir sinn duerch typesch Biergdierfer gefuer, durch enk Strossen, wou d'Camionette esou juste durchgepasst huet. Mir sin bis bei d'Spetzt vum Caop Corse komm. Do um Strand hun mir vill Mieresiegelen gesin.

Eppes geint 1 Auer hun mir an engem wonnerscheinem, klengem Fescherduerf haalt gemaach an hun um Quai bei den aalen Booter pic-nict. Dono sin mir nach eng gudd Glace iesene gaangen an weider ass den Tour gaangen.

An engem Supermarché hun mir dun nach e weineg Proviant kauft fir owes Chilli ze

kachen an dunn sin mir zreck op d'Campplaatz gefuer. Sou geint 5 Auer sin mir do ukomm. Dunn konnten mir entweeder op eiser Campplaatz relaxieren oder awer och nach e weineg an d'Mier schwammen goen.

Owes nom lesen hun mir e klengt Spill (der grosse Preis) gemaach bei deem et verschidden Kategorien mat verschiddenen Punkten gouf. An der Rubrik "Aktion" hun mir zum Beispill missten eng Foto mat eisen "gudden" Kollegen de "Wakesen" maachen, verkleed bei aaner Leit Zocker froen goen,... . Fir de Rescht sin mir Saachen iwert d'Corse, iwert Scouten a.s.w. gefrot gin.

No dem Quiz sin mir dun an d'Heia gaangen an hun eis op den nächsten Dag gefreet.

Scharel

26. Juli

Wei mir moies relax um 9 Auer opgestaan sin, hun mir emol gemütlech Kaffi gedronk. Dun sin mir geint 10:15 mat der Camionette an d'Bierger vun der Gemeng Sisco, wou mir um Camping waren, eropgefuer. Uwen ukomm, hun mir emol e besseren rondrem gekuckt, sin op een typeschen, corsechen Kiirfecht gaangen wou zum Deel Mausoleumen stinn an dun hun mir eis op de Wee gemaach, fir den Tour de Sénèque ze bewältegen, e Wée deen déi versidden Dierfer vun Sisco mateneen verbennt. D'Carole ass dun mat der Camionette akaafen gaangen an huet nach verschidden Saachen prepareiert. Deen klengen Wée, deen mir an 2 Stonnen maachen wollten, huet schlussendlech, auser 20 Liter Schwees, 3 an eng hallef Stonn gedauert.

Wei mir dunn endlech op der Campplaatz ukomm si, hun mir eng gudd Omlette gies an als Dessert Waassermeloun. Bon, et gin verschidden Methoden fir eng

Waassermeloun z'iesen; ech hun meng egen, allerdengs sabbelt een bei menger Technik e besseren, mée d'Haaptsaach: et schmaacht.

Uschleisend huet de Fränk gemierkt, datt hien keng Sonnecrème méi hat an huet sech dunn alt mat der Waassermeloun ageriwen.

Am Nometten sin mir dun op eisen wonnerbaren Fielsstrand gaang, deen 500 m



vum Camping eweg louch. An dem scheinen, kloueren, waarmen Waasser hun mir eis dun mat Schnorchelen amüseiert. D'Ennerwaaserwelt war fazineierend. Ennert deenen villen Mieresbewunner hun mir och Quallen, Séiigelen an e klengen Mantarochen gesin. Déi schlecht Sait vun de Qualen hun dun allerdings de Charel, d'Julie, de Charlie an d'Anne kennegeleiert andeems se vun hinnen gebass goufen. Trotzallem war deen klengen Schnorchelausfluch ganz schein.

Dono sin mir nach een Patt drenken gaangen an hun emol relaxt an uschleisend dem Christophe seng Kachkonscht geluewt. Dun hun mir nach eisen Rucksack gepaakt an sin mat Zäiten schlofen gaangen.

Max

27. Juli

Wei um 04.45 dem Nico sain Wecker gaang ass war et nach stackdaichter dobausen an mir waren och nach alleguerten ganz schein midd. Mée et huet missten seier goen. Dei eischt Equipe ass mat der Camionette op Bastia gefouert gin, während déi aaner d'Zelter ageraumt hun. Mir hun et gepaakt a waren och dunn all un Bord wei d'Fähr um 8 Auer den Haafen vun Bastia verloss huet. Des Keier waren mir méi clever an mir haaten genuch Still fir eis reserveiert. Nom Kaffi drenken un Deck vum Boot hun déi meescht vun eis sech et an den Still bequem gemaach an hun geschlof. Mir haaten des keier d'Luxusversioun vun der Fähr. Hei war esouguer eng Piscine un Deck. Pünktlech sin mir um 12 Auer zu Livorno ukomm. Am Haafen hun mir dun als eischt emol eng Mikrowellen Pasta gies an dun sin mir an 2 Keieren op d'Gare gefouert gin. Hei hun mir den Zuch bis op Pisa gehol. Zu Pisa hun mir ons dun op Sich no eisem Hotel gemaach, deen just e puer Meter nierwt dem schiefen Tuurm war. Nodeems eis Camionette dann och beim Hotel ukomm war hun mir eis an onsen Luxuszemmeren ageriicht an hun als eischt emol eng gudd Dusch gehol. Dunn sin mir zesummen bei den schiefen Tuurm vun Pisa gaang, hun ons déi schein Platz ugekuckt an hun déi obligat an dämlech Fotoen maam Turm gemaach. Uschleisend haaten mir Fraizait fir shoppen ze goen, respektiv sightseeing ze maachen.

Owes um 7 Auer haaten mir all Rendezvous an enger Pizzeria. Hei huet et verschiddenen esou gudd geschmaacht, dat si gleich 2 Pizzaen gies hun (gell du Charlie an Mr Proschiuto alias Christophe). No engem gudden Dessert sin mir nach e weineg durch Pisa by night getreppelt, hun eis mat den Händler amü-

seiert fir d'Präiser erof ze handeln an sin schlussendlech zimlech midd an d'Bett gefall.

Carole

28. Juli

No enger erhuelsamer Nuecht hun mir eis als eischt emol um Frühstücksbüffet gestärkt. Den huet den Charel nach eng originel Foto vun ons op der Roofterasse vum Hotel gemeet. Uschleisend hun mir eis och schons op den Wée gemeet fir op den Fluuchhaafen. No deem üblechen Waarden ass de Fliiger mat enger halwer Stonn Verspeidung fortgeflun. Zu Hahn ukomm sin mir nach een Steck Kuch iesen gaangen an hun eis dann mat eisem easy by coach Bus heem kutscheieren geloss. UM P&R sin mir vun eisem Empfangskomitee begreist gin an domat war een ustrengenden awer och immens flotten a scheinen Camp eriwer.

Carole

D'Sprech vum Camp

Christophe:

"Ass am Restaurant eng Schwemm?"

"Wirwaat hun SIE ??? eis net mei Suen matgin?"

"D'Sau ass batter" (Spontinjus)

D'Lisa huet schein blond Aen.

Komm mir blosen eis Kleeder mat Waaser op.

Fack beim Zanger

Um Camping: "On est à dix et pas à onze." Dofir muss den Flexi an d'Zelt.

Flääääääääsch

Good Morning Vietnam!

Tinh Ban

Freides, den 7 Abrëll, as et an aller Hergottsfrei lass gaang. Em 9 Auer war Rendez-vous vir dei Leit dei sech gemellt haaten vir den Projet Vietnam. Et waren der ganzer 35 Steck, dei sech mat Saack a Paack um Findel afonnt hun. Et war dann och all Mensch top motiveiert, an prett vir op d'Rees!

Nodeems dann all Mensch di eischt rigureis Kontroll iwwerstaanen haat, war dun och net mei terribel vill Zäit bis dass den Fliiger vir op Frankfurt sein Départ haat. Mer sin och ganz ouni Verspeidung fortgeflunn, kruuten ennerwee en leckert Breidchen vun topmotiveierten an guer net gelangweilten Stewardessen zerveiert, an mer sin ganz ouni Zweschenfall zu Frankfurt geland. Do hun mer dann bei Vietnam Airlines agecheckt. Umschleissend as et dann mol direkt op den Apéritif an den Biergarten gaang, wou mer gemittlech



soutzen bis et Zäit war an der Boing 777 vun Vietnam Airlines plaatz ze huelen.

Mer waren all beis erstaunt wei luxurieis et dobannen ageriicht war, e puer vun eis haaten sech eichter op den Comfort wei bei engem Viehtransporter agestallt, mee deem wor net sou! Et war tiptop ageriicht, mat souguer engem Schiirm un all Setz mat enger eegener Telekommande, soufern dess fontionneiert huet.

Weinst der Zäitveschiebung huet keen su wierklech vill am Fliiger geschloof, sou waren mer dann och all net mei sou ganz topfit wei mer dunno 11 laangen Stonnen, moies geint 6 endlech zu Hanoi geland sin.

Et waren also tatsächlech schons Moies um 6 Auer em dei 30 Grad, an di heicht Lofflichtegkeet huet daat ganz net mei agréabel gemach. Mer waren also knapps äus dem Fliiger, schons as et lass gaangen mat schweessen

Ennerwee am Bus fir an den Hotel konnten mer dunno vir d'eicht di Vietnamesesch Landschaft mat den Reisfelder bewoneren, an mer kruuten en eichten Ableck an dei vietnamesesch Fahrkensch! Dess besteet zum greissten Deel nemmen äus Tuuten. Winker an sou Saachen brauch een do net.

No enger kuerzer Dusch am Hotel sin mer dun zu Hanoi an den Literaturtemple gefuer. Dest as eng aal Universiteit äus

der Zäit wou den Vietnam zu China geheiert huet.

Owes sin mer dunn zeesummen mam letzebuerger Embassadeur vietnamesesch lessen gaang. D'lessen war ganz gudd, an mer haaten d'Geleenheet, vir eis vietnamesesch Traducteuren, dei eis di ganzen Zäit iwwer am Duerf sollten begleeden, besser kennen ze leieren.

Sonndes Moies noom Kaffidrenken, as dunn d'Materiel verstaut gin, an mer hun eis dunn mat 2 Minibussen op de Wee a Richtung Dong Chiem gemaach. Dei Rees war e klenzt Abenteuer, net nemmen weinst den vietnamesechen Fahrkensch, mee och d'Stroossen hun platzeweis mei engem schlechten Beschwee geglach. Dofir hun mer dann och baal 3 Stonnen gebraucht vir dei 70 km hannert eis ze brengen.

D'Rees am Bus war tiptop, bis mer bei sou eng Paart komm sin, dei genee 10 Zentimeter ze niddreg war vir eisen Bus. Dei haaten nähmlech sou en Toit-Ouvrant mat enger Glaskuppel driwwer, an dei huet net drenner gepasst. Waat maan? Als Scouten wossten mer natierlech alleguerten Rot, Glaskuppel oofmonteiren, Loft äus den Pneuen loossen, an sou Tricken. Mee d'Chauffeuren wollten do net drun goen. Sou hun mer dunn missen en Detour huelen. Waat mer dun mei no un d'Duerf komm sin, waat d'Stroossen mei schlecht gin sin, waat emmer mei Deieren

op der Strooss gelaaf sin a waat d'Leit eis emmer mei grouss gekuckt hun. Nodeems eis Bandscheiwen genuch geresselt goufen, waren mer zu Dong Chiem ukomm.



Do hun mer schnell äusgelueden, an dunn as et op d'Eroffnungszereemonie gaang. Dei huet doranner bestaenen, dass de Buergermeeschter, den Chef vum Duerf, den Chef vum Distrikt, d'Cheffin vun der Women's Union an eise Roy e puer Wuert zum Projet gesoot hun.

Den Rescht vum Nometten hun mer dann domatt verbruecht eis an deenen verschiddenen Heiser, wou mer sollten schloofen, anzerichten, an eis am Duerf e besseren emzekucken.

Et war dann och de Moment vir mol vir d'eicht ze inspizeieren firwaat mer eigendlech komm sin, nähmlech vir d'Schoul Alain Stumm nei unzesträichen an mam Bau vun enger "Obstetric Station" (daat as besseren eppes wei eng Maternité, just am klengen an matten am Räisfeld) unze-fänken.

Mee et war irgendwei emmer nach waarm an dompesch, näicht vun Reen oder besseren mei killen Temperaturen a Siicht. Daat huet eis all Suergen gemaach, waat machen mer dann mat deenen ganzen Pulloveren an Fliisen dei mer matgeschleeft hun,...

Natierlech waren mer d'Haaptattraktion



am Duerf, virun allem vir d'Kanner, an et konnt een kaum e Schrett man, ouni dass weinstens eng hallef Dosen Kanner handrungleaf sin.

D'Duerf war net grouss, an iwwerall wou een hin gaangen ass waren Deieren op der Strooss, et war baal wei am Eisleck. Dunn war Zäit vir d'Owesiessen, waat och ganz abenteuerlech war, well hir Bänken an Descher sou extrem niddreg sin, dass et onmeiglech as d'Kneien ennert den Desch ze kreien.

Den Daag drop sin mer dun all mei oder manner äusserout geint 6 äus de Fiederen geheit gin, well em dei Zäit as schon decken Betrieb am Duerf. D'Leit laafen hin an hier, d'Deieren och, iwwert d'Haut-parleuren gin di wichtegsten Neiegkeeten bekannt gemach, an dei weineg Leit, dei en Radio oder Fernseh hun, sin esou leif an dreinen deen bis hannen widder op, vir dass dann och all Mensch matkritt waat leeft.



Mer hun eis dann op der lessplaatze afonnt vir Kaffi ze drenken. Verschidden Leit haaten baal guer net geschloof, well entweder en Hond niewendrun gebillt huet, oder d'Fierkelen an d'Schwein dei am Stall niewend der lessplaatze gewunnt hun, kreech gedin hun. (D'Schwein gouf kuerzerhand Schnitzel gedeft, an d'Hënn kruuten den Pseudonym Fräckert zouge-



sprach.) Et war dann och schon rem deck warm, an daat em 7 Auer Moies.

Mee Middegkeet hin, Hetzt hier, nom Kaffi war all Mensch an topform vir um Chantier unzerappen. Mee mer hun den Vietnamesen vir d'eicht missen beweisen waat mer kennen. Um Chantier kruuten mer kurz gewisen wei een dann lo Zillen openeen setzt a Speis ureiert, an an der Schoul hun mer vir d'eicht missen enner Beweis stellen, dass mer wessen wei een mat engem Rouleau an mat engem Pinsel emgeet.

Wei em 10 Auer Paus war, war et dobaussen baal net mei auszehaalen. Mettes gouf et dunn vietnameesech z'iessen, Reis, mat enger Zopp, Fleesch, Gemeis an irgendwelchen Kräider. No der Mettespaus as et dunn mat neiem Elan weidergaang.

Dei eicht Leit sin dun och op d'Stee geklomm, vir d'Face vun der Schoul nei unzestreichen. Daat war och eng cool Aventür. D'Brieder op der Stee waren nawell ziemlech schmuel, se waren kaum bis guer net festgemach, an dei Brieder hun an engem freieren Liewen mol als Dieren, Fensteren, Verschaltungen, Gesteller, asw gedingt, sou dass se voll mat Zement beschmiert waren, iwwerall Neel eräusgekuckt hun (op dei een sech mei wei eng Keier gesaat huet), an se waren kromm a wakeleg. Den Bodrier an d'Tetanussprätz hun sech also bezuelt

gemach.

Wei Feierowend war, haaten mer all gudd geschafft, an mer waren och dementsrechend midd. Nom lessen, waat Owe emmer vun eis gekacht gin as, an dofir och europeen style war, hun mer dun nach all zesummen een Bia gedronk, an dunn as et an d'Heia gaang.

Den Daag drop waren mer nees all frei op. Nom Kaffi as et dunn lassgaangen mat schaffen. Leider as et dun och schon geschwenn lassgaangen mat der Hetzt, an ab halwer 10 war et rem ellen. No der Mettegapaus sollt et dun weider goen. Dem Charel seng mobil Wiederstation huet ganzer 39° am Schied ugewisen. Just eppes huet gehollef, vill drenken!

Nom Owe siessen, war dun Lëtzebuurger Owend, deen mär vir d'Leit äus dem Duerf organiseiert haaten. Vir d'Leit war daat en riesen Evenement, an et waren der immens vill do. Mer hun hinnen dunn mat hellef vun Sketcher an Lidder eis Lëtzebuurger Kultur mei no bruet. Virun allem d'Kanner waren hell begeeschtert an hun iwwerall matgemaach.



Dun war et schons Mëttwoch. Natierlech waren mer rem all frei op, vir ze schaffen. Et war dun och mol net mei grad sou waarm. Op alle Fall huet et sech vill besser geschafft. Mer kruuten dann och e gudd Steck gemaach.

Owe as dun d'Press a Form vum Pascal



Becker och ukomm. Nom Owe siessen hun mer all zesummen een geholl.

Donneschtes war ech an der Kachequipp, dofir zielen ech iech dann wei daat sou as, mat den Vietnameesen ze kachen. Et steet een dann mol vir d'eicht eng veirel Stonn virun all Menscho, fir op de Maart ze goen. De Maart as bessen en Erliewnis vir sech. Et leit einfach alles do an der Sonn, och d'Fleesch an de Fesch, an et as iwwerall Steps vun de Stroossen. D'Fleesch gett dann mol einfach en de Grapp geholl, vir et gudd ze träschen, sou wees een op et och Zaart as. D'Santé giff do warscheinlech gro Hoer kreien, mee do as daat eeben esou. Op dem Maart fennt een alles waat een well, Gemeis, Uebst, Kräider, Fleesch, Fesch, Henn vir selwer ze schluechten, Nudelen, Räis,...

Nodeems mer dun alles fonnt haaten waat mer wollten, sin mer rem an d'Duerf gefuer, vir ze kachen. Et gouf mol eng Keier kee Räis, mee Nudelen. Zwar Räisnudelen, mee egal. De Menu huet also äus Räisnudelen, Zopp, Fleesch, Kräider an Gemeis bestaenen.

Ze soen as nach dass et deen Daag mol endlech e bessen gereent haat, waat allerdings vir dei Leit bei der Schoul net sou gudd war, well d'Fuerf vun der Facade verlaaf as, an se nach eng Keier driwwer hun missen ustreichen.

Owe war dunn eng grouss Véillé, bei där

all dei Jonk äus dem Duerf, an äus den nopesch Dierfer do waren, an eis eppes virgefouert hun.

Samschdes Moies as et dun vir d'Läschtschaffe gaang. Mer hun also deen Daag missen färdeg gin. Dementsprechend as dann och derbäi gemaach gin! An Owes waren mer dann och tatsäschlech mei weit beim bauen, wei mer eis virgeholl haaten, an d'Schoul war bannen an baussen fäddeg nei ugestrach! Mee vir d'allereicht war Moies nach eng kleng Kiermes vir d'Kanner, op där mer Spiller mat hinnen am Schoulhaff gemaach hun! D'Begeeschterung vun de Kanner war immens.



No der Kiermes war Mettegepaus. Noom lessen as et weider gaang, an Owes waren mer douddmidd an awer och e bessen Stolz op daat waat mer geleeht hun. Well et Ouschtersamschden war, an mer jo all gudd Chrëschten sin, waren mer nom Owesiessen all an d'Mass! Daat war allerdings dun den ultimativen Härtetest! Et war gudd warm an der Kiirch, d'Mass war ganz op Vietnameesesch, sou dass mer guer näicht verstaanen hun, an mer waren, wei schons erwähnt all douddmidd! Et huet also een nom aanren an der Mass agehaangen. An d'Mass sollt keen Enn kreien. No 2 Stonnen waren mer mol na net beim Credo, an vun eis waren der net



mei vill ennert den Waakregen, dun hun mer decideierd dass mer eis dirskret zreckzeien.

Op Ouschteren selwer waren mer dun d'Parfume Pagode kucken, en relieisen Tempel, deen all Vietnamees eng Keier sollt gesin hun. Mer sin also mam Bus bis dohinner gefuer. Dess Pagode war uewen op engen Bierg. Vir d'eicht sin mer eng hallef Stonn mat engem Boot gefuer vir bis bei den Bierg, an dun sin mer eropgek-lomm. Wei mer dun bei der Parfume Pagode ukomm waren, hun mer Piknik gemaach. Nom lessen sin mer dun erem eroofgetreppelt. Dun sin mer allerdings net mei mam Bus Heem gefuer, mee mer sin zu Fouss duerch d'Hiwwelen getreppelt. Daat war einfach genial! Daat war vir vill vun eis den eigendlechen Highlight vum Daag! Nom Owesiessen war natierlech eng kleng Oofschlossfeier an d'Vietnameesen waren net mei wei frou, fir mat eis deen een oder deen aanren ze schnauwen.

Meindes Mueres as et dun wehmüteg un d'Apaaken gaangen.

Am Nometten war dun dei offiziell Eröffnungsfeier! All Mensch war vertrueden, den Graham vun der Caritas, den Chef vum Duerf, den Chef vum Distrikt,... Et sin natierlech do Rieden geschmass gin, all Mensch huet eis säin Riispäakt vir

d'Aabescht dei mer geleeht hun äusgeschwaat, an alles war tiptop.

No der Eröffnungsfeier gouff et nach en klengen Snack an en läschten Patt, ier mer dun, net ouni eng Trein am Aa, erem op Hanoi gefuer sin. Owes waren mer dun zu Hanoi an en Italieineschen Restaurant. Kee Räis wäit a breet, e gudde Patt Rouden, fresch geduscht, et war wei am Himmel!



Denschdes sin mer dun nom Kaffi mam Bus op d'Ha Long Bay gefuer. Dest as eng Bucht, dei zum UNESCO-World heritage geheiert, also absolut sehenswert as. Duerch d'Ha Long Bay sin mer dun mam Scheff gefuer, op deem mer eis wirklech gudd ameseiert hun. Et war eng super Entspannung. Et konnt een schwammen, Kajak fueren, oder einfach nemmen an der Sonn latzen.

Den Daag drop em 12 waren mer dun erem am Haafen. Mam Bus sin mer dun erem zreck op Hanoi gefuer. Owes sin mer dun nach e besseren duerch Hanoi gelaatscht.

Dun war et jo schons tatsäschlech den läschten Daag vir eis am Vietnam. Mer haaten nach de ganzen Daag Zäit vir zu Hanoi shoppen ze goen, waat wirklech immens cool as, well een alles vir en Apel an e Steck Brout kritt. Natierlech as net emmer alles Original, mee daat muss een

jo kengem zielen.

Um Flughaafen hun mer dei läscht Dongen na ausgin, an dun sin mer Heem geflunn. 12 Stonnen Fliiger sin net sou intressant, mee weinstens waren mer all gudd midd, sou dass mer all mei oder manner gudd geschloof hun

Et war emt 10 Auer Lokalzäit, wei mer vun deenen Leit, dei doheem hun missen bliewen, erem empfangen goufen, an eisen Projet en definitft Enn geholl haat.

Et bliewen allerdings nach e puer Froen op:

Wisou muss an engem Fliiger emmer all Mensch zur gläicher Zäit op d'Toilette?

Wei as den Mister Bean op Hanoi komm?

Waat hätten d'Kanner gär vum Charel senger Mam gehaat?

Wisou schmaachen dei Vietnameesech Kräider no Spüli?

Wisou gouf et zu Dong Chiem obeemol op all Eck Bia ze kaafen?

Weivill Zäit bräuch een vir 15Gb Fotoen ze kucken?

Waat mecht een geint d'Fräckerten?

Wisou as den Schnitzel net geschluecht gin?

Ween as den Roger?

Den Numm vum Projet war Tinh Ban, waat op Vietnameesesch Freundschaft heecht, ech fannen datt desen Numm gudd gepasst huet, well et sin vill nei Freundschaften, souwuel mat den Vietnameesen, wei och ennert eis entstaaen, an daat as jo eppes, waat beim Scoutismus emmer grouss geschriwwen soll gin. Den Projet huet säin Ziil also absolut net verfeelt, a kenger Hinsiicht! Riispäakt!

Mireille

1. Mee 2006

Dest Joer hun mir eis mol eng aner
PlaatZ erausgesicht, fir den
Meekranz ze maan.

Sou sin mir dest Joer bei den
Neolitikum ob Blaaschent gangen.
Dat war eng zimlech gutt Saach.

Sou hun mir eis um 9 Auer zu
Blaaschent getraff.

Sou goufen CaraPio mol aus den
Schloofsäck geschmass. Die haaten
nämleg do Nuecht verbruecht. Eng
kaal Schlupp Kaffi gouf nach
gedronk, an dann as et lass gangen.
Kanner hun hier Arbecht gutt
gemeet, an sin fleisseg duerch den
Besch gerannt fir Gestraichs ze sam-
melen.

Dei eng hun sech dann mol emt Feier
gekemmert, fir dass dat och gutt as,
fir um 12 Auer den Grillwippi drop ze
leen.

Puer aner hun en scheinen groussen
Meekranz zesummen gebonnen. En
war sou grouss wie ech ;o)

Nach puer Fotoen mam Meekranz
goufen gemeet, an deen gouf dann
schein op Seit geluecht, dass och
naicht drun kennt.

Mettes gouff dann endleg en leck-
eren Wippi tescht Zänn, an ze
drenken war natirlech och do.

Mettes gouffen nach puer Partien
Indiaka an den traditionellen
Bulldog gespillt, bis leider d'Wierder
net mei matgespillt huet.

Lues an lues as jidereen heemgan-
gen. Dei lescht hun nach opgeraumt,
an dann seier heem an eng warm
Bidden.

Mireille



Biber

Wellefcher

Avex

Carapio

Raro

Verschiddenes



De Redakter entzitt sech
aller Responsabilitéit fir de
Contenu vun dëser Rubrik
a kann dofir och net fir
irgendwellech kierperlesch
oder séilesch Schied haft-
bar gemaach gin!

Ween geet mam Men ant Wiss pissen?!!!

Fränk : "Vu wou sin dei lecker Marshmallows?"
Melanie : "Aus den Ju - Äs - Ay"



*Leurs Altesses Royales
le Grand-Duc Frank & la Grande-Duchesse Carole*

DILL

Dir Deine
Meinung !

What is lass with our Ad-Joints ?

Because wi brauchen one oder some
niu Ad-Joints, Pinky and Brain waren
auserwield, asked an yesed gesood.
But lo séi soen we not gefroot, we not
proposed, (proust) but we forced.

Thou séi have trabel with there babel
an we had Eiertolla Koméidi.

The forecast : It well stai e litel bit
cloudi, but it hoffenlech klärt sech op,
and we hun dann 2 näi A-J's (Él-
Jéi's).

Gutt Luck

Den Dill

"Roude Léiw!"

"Mat wat?"

"Huel se!"

"Mam Schlawitchen!"

Zoff bei Prim's!

La petite cubaine hat oséiert, säin him ugetrauten Lover
PP (Poli Prim-pylen (oder Patrick P.)) nemmen 2 mol
wéinst Falschem Alarm aus dem Ehebett ze schellen.
Doropshinn haat hien es genuch, an as schnurzdüwurz
übersturz op de Monteesweekend gebriedert, an huet dem
Carole säin ganzen Besetztum, (geklaute Panneauen mat
Kniet vum Luss e ganze Batz Kneeten, an en kurzen
mee dach éierlechen Kuss) firun d'Fiess geknallt.

Haut sin se awer rem frou mateneen.

Ma Patrick, d'Carole haat just ganz Schrek-lech no Dir
verlaangert.

Den Dill

**Stolz der Hahn kräht kickerikiiiiii
PUT PUT PUT das Hühnervieh!!!**



Stratego-Spill um MonteesWE

Flepp: "Do leeft een!"

Butz: "Dann laaf no!"

Flepp: "Ech kann dach net.

Ech sin nemmen en Bambi!"

Opgepasst, Virus!

Bei de Carapio as den Bestiedsnis-
Wahn ausgebrach! Èt as héich
ustiechend. Nodeems d'Carole an
de Patrick sech d'lescht Joer uges-
tach hun, huet de Virus dest Joer
op de Sven an d'Myriam, an och op
de Fränk an d'Vero iwergegraff.
Den Änder an den Nico hun sech
bis elo nach erfollegräich géint den
Virus behaupt, woubäi dem Nico
seng Methode zwar einfach mee
effektiv as : ewechhaalen vum
aaneren Geschlecht.

Mireille: Oh, ech muss nach en Bericht schreiwen fir den Sven!
Mélanie: Ah, get et d'Gasette nach!?
Mireille: Hein??? Wat???

Nächste Punkt!

Mir waren mat dobei!

Hei sin just déi Leit opgelëscht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Memberslëscht vun 2005/2006 vum Verband stoungen.

BIBER

Lisa BODE
Maite BONIFAS
Manu BONIFAS
Charlotte BOWEN
Pit FOXIUS
Michel HEISTEN
Raphael KIEFFER
Shannon LANGERS
Chloé LEININGER
Fränk PAUTSCH
Alex TONEY
Matthew TONEY
Mart VAN DER ENT
Justin ZIMMER

CHEFFEN

Renée BIDOLI
Michel BRÜCK
Elisabeth KRECKE
Catherine MAYER

WELLEFCHER

Tom BODE
Gilles COLLING
Jules FOXIUS
Coleen GONNER
Julie HARY
Michel HEISTEN
Olivier KIEFFER
Vanessa KOCH
Chiara LANGERS
Rick RODERES
Linda SCHMIT
Céline SPITHOVEN
Céline TOISUL
Eric WIGGINS

CHEFFEN

Fanny BICHLER
Paul BRÜCK
Michel DOSTERT
Patricia FEVE

Germain FOURNELLE
Sarah JACOBS
Pol SCHINTGEN
Patrick WEBER

AVEX

Julie BECK
Lena BIDOLI
Carole BORDEZ
Florence DE DOOD
Melanie FETTES
Liz HARY
Francis KRIER
Jeff ROMMES
Nora SCHMIT
Carole SCHMOL
Fanny TOISUL
Brian TONEY
Lisa URBÉ
Tom WILTGEN

CHEFFEN

Jemp BECK
Ben BISENIUS
Anne MOLITOR
Ben MOLITOR
Ernestine MULLER
Tammy RINNEN
Serge SCHAEFER
Sven SCHOSSELER

CARAPIO

Max BECK
Charel BIDOLI
Lisa BISENIUS
Charel BODE
Catherine HANCK
Julie JACOBS
Anne ROMMES
Christophe SCHMOL
Jil SCHOSSELER

Anouk WILTGEN
(+ *aaner Cheffen*)

CHEFFEN

Fränk BOURMER
Sven LINCKELS
Nico PANETTA
Carole PRIM-NEY
Ander SCHROEDER

RARO

Marianne JACOBS
Melanie MASSOL
Philippe SCHAACK
(+ *aaner Cheffen*)

CHEFFEN

Tessy HÖFLIGER
Mireille PEUSCH

5. BRANCHE

Marc JEGEN
Patrick LECLERC
Nicole LECLERC-FELTES
Annick MENSTER
Georges MENSTER
Alain PAULUS
Marc SCHROEDER
Mike THEISEN
Roby THEISEN
Manon STEIN-WEIS
Annick WEISS
Philippe WENGER
(+ *aaner Cheffen*)

MATAARBECHTER

Pascal FEHLEN
Myriam MAES
Pit REUTER
Lucien WEYERICH
Christophe WIROTH
(+ *aaner Leit déi keng Cotisatioun bezuelt hun*)